



Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/01/2020

Här President,

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesche fir Umwelt, Klima a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.**

Elo am Februar sollen d'Muffelen am lechternacher Bësch, Informatiounen vum *Luxemburger Wort* no, dout gemaach ginn. Baséierend op ären Äntwerten op d'parlamentaresch Froen n° 1623 a n° 1402, bleiwe fir mech nach eng Rëtsch Froen onbeäntwert.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéini genee soll de Startschoss fir d'Dréckjuegd op d'Muffele faalen?
2. Betreffend déi ordonnéiert Chasse administrative heescht et an der Äntwert op d'Question parlementaire n° 1623, datt d'Demande fir dës Juegd vun der Gemeng lechternach ausgaangen ass. Wéi kënn et zu den Diskrepanzen tëscht den Aussoe vum Buergermeeschter vun lechternach, dee vun ronn 100 000 Euro Schued schwätzt, an den vun lech genannten 30 000 Euro Schued? Misst d'Demande vun der Gemeng lechternach no enger Chasse administrative deemno net reevaluéiert ginn, wëssend datt Dir dësen Zuele kee Glawe schenkt?
3. Am „Bulletin technique vun der ANF - en matière de gestion de la faune sauvage et de chasse – am Numéro spécial: Plan d'action et de gestion relatif au loup au Luxembourg » vun 2017 heescht et a Relatioun mam Muffel, datt dëst Déier net op d'Präsenz vum Wollef adaptéiert ass an soumat eng „proie facile“ fir e wier. Wéi gesitt Dir aktuell d'Situatioun vun de Muffele par rapport zu enger méiglecher Präsenz vum Wollef zu Lëtzebuerg, kéint et eventuell sinn, datt de Muffel zäitno een natierleche Feind kritt?
4. Dir schreift an ärer Äntwert op d'Question parlementaire n° 1402, datt d'Schied an deenen aneren Deeler vum Land (z.B. am Parc Housen oder zu Kauneref) net esou grouss si wéi zu lechternach. Ass de Norde vum Land eventuell e passende Liewensraum fir de Muffel?
5. Ginn et entretemps offiziell Donnéeën zum „Patten-Problem“ vun de Muffelen, wëssend, datt am Plan de Gestion vun 2017 nach steet, datt een dëst net mat 100 prozenteger Sécherheet kann zu Lëtzebuerg soen?
6. Wéi héich ass de Schued fir d'Landwirtschaft, deen duerch d'Muffelen entstanen ass ze chiffréieren?
7. Wéi eng Beem a Planze sinn haaptsächlech vun de Verbësschied betraff ? Sinn déi geschiedegt Beem heemesch Aarten ?



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange

8. Firwat muss de Piechter fir d'Fraisen vun der administrativer Juegd opkommen, wann ee bedenkt, datt dës Déiere mat grousser Wahrscheinlechkeet ausgesat goufen an deemno, wéi et am Gesetz virgesinn ass, vun deene Responsabele vun dësen illegale Lâchers misst bezuelt ginn?
9. Wéi aus der Äntwert op d'Fro n° 1402 ervir geet, beanträchtegen d'Verbëssschied, déi duerch de Muffel entstinn, d'Verjüngung vum Bësch. Dozou liest een am Bulletin n° 95 vun der Société des naturalistes Luxembourgeois aus dem Joer 1994: „Sur les lots de chasse où un certain affouragement du mouflon est pratiqué, les dégâts causés par cette espèce sont beaucoup moins importants.“ Madamm Ministesch, wier et duerch geziilt Fiddere méiglech d'Degâten ze minimiséieren ?
10. Dir hutt eis Fro wien d'Muffelen ausgesat huet leider net beäntwert. Madamm Ministesch, vu wou kommen d'Muffelen? Wien huet se ausgesat - wou kommen dës Déieren hir? Falls dir dat net wësst, hu Dir eng Enquete vun der PJ oder der ANF ugefrot, voire ordonnéiert?
11. Laut dem Artikel 19 (2) vum Gesetz vum 18 Juli concernant la protection de la nature et des ressources naturelles kann d'Ministesch d'Autorisatioun ginn fir wëll Déieren afänken ze loossen. Firwat mécht d'Madamm Ministesch net Gebrauch vun dësem Artikel?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc  
Député

